

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéierte Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Mee 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 6042 schreift den Här Energieminister zu dem potenziellen Impakt vun engem Embargo vu russeschem Gas a Pétroll ënner anerem dat hei: *"Falls et an Europa den nächste Winter dann awer zu Liwwerschwieregkeeten am Gas sollt kommen, da müssen effektiv gegebenfalls déi grouss Betriber als éischt ofgeschalt ginn, fir dass Haushaltsclienten, déi als geschützt gëllen, weider kënne beliwwert ginn. Hei gëtt et genee Pläng déi vun den Netzbedreiwer ausgefouert ginn a wou, ofhängeg vun de Volummen déi feelen, festgeluecht ass wéi eng Kategorie vu Betriber ofgeschalt musse ginn"*.

Dozou géif ech dem Här Energieminister gär dës Nofroen stellen:

- 1) Huet den Här Minister déi betreffen Entreprisë vertraulech doriwwer ënnerriicht, datt si fir den Eeschtfall op enger entsprecherender Lëscht gefouert ginn an ënnert wéi enge Viraussetzungen dësen Zenario gräift, fir datt si dat an hirem Betribsplang mat akalkuléiere kënnen?
- 2) Kann den Här Minister matdeelen a wéi engem Delai déi betreffen Entreprisen iwwert den Antrëtt vum Eeschtfall informéiert ginn, fir datt si de Betribssoflaf a besonnesch och komplex technesch Anlage kontrolléiert kënnen eroffueren?
- 3) Kann den Här Minister matdeelen, ob a Kooperatioun mat de betreffenen Entreprisë scho Sozialpläng ausgeschafft goufen, wéi d'Mataarbechter iwwert den entsprecherenden Zäitraum kënnen opgefaange ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Energie, Claude Turmes, a vum Här Minister fir
Wirtschaft, Franz Fayot, op d'parlamentaresch Fro n° 6185 vum 12. Mee 2022 vum éirewäerten
Deputéierten Fred Keup iwwert « Embargo sur l'énergie russe »**

Den Artikel 18 vum ofgeännerte Gesetz vum 1. August 2007 iwwert d'Organisatioun vum Gasmarché gesäit vir, dass d'Gasnetzbedreiwer an aussergewöhnlechen Situatiounen déi d'Sécherheet, d'Zouverlässegkeet oder d'Effikassitéit vun de Gasnetzer a Fro stellen, all Moosname mussen huelen fir deem entgéint ze wierken. Zu deene Moosname kann och d'Ënnerbriechung vun der Versuergung gehéieren.

An deem Kontext haten d'Bedreiwer vun de Gasnetzer sech schonns 2009 zesummegeat fir een éischten sougenannten *Plan de délestage* auszeschaffen. Dëse *Plan de délestage* beschreift wéi, de Fall gesat, de Gasverbrauch duerch Ofschalten vu verschiddene Katégorien vu Verbraucher kann der Situatioun ugepasst ginn, woubäi d'Haushaltsclintien sou laang wéi méiglech sollen versuergt kënne ginn. Deen *Plan de délestage* ass eng leschte Kéier am Februar 2022 vun den Gasnetzbedreiwer ugepasst ginn. D'Netzbedreiwer hunn doropshin déi potentiell betreffen Verbraucher ugeschriwwen an si iwwert hire Rôle am Kader vum *Plan de délestage* higewisen.

Am Fall wou d'Netzbedreiwer deen *Plan de délestage* missten zur Uwendung komme loossen, hänkt et vun der Urgence vun der Situatioun of wéi laang am Virus déi betrafte Verbraucher informéiert kënne ginn, woubäi et een Uleies ass fir déi Ukënnegung sou laang am Virus ze maachen wéi nëmme méiglech.

Et ass net auszuschléissen, dass, wann verschidden Entreprisen duerch d'Uwendung vum *Plan de délestage* hir Produktioun oder hir Aktivitéit mussen aschränken oder aussetzen, dat och Auswierkungen op d'Beschäftegung vun den Mataarbechter vun där Entreprise kann hunn. De Comité de Conjoncture befaasst sech an enger vu sengen nächste Reunioune mam Zenario vun esou engem méiglechen Ausfall a beréit iwwert wéien Instrument fir déi betrafte Mataarbechter gegebenefalls kenne Léisungen fonnt ginn.

Lëtzebuerg, den 16. Juni 2022

(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie